

OP DE PUNKT.

Oktober 2026

AUS DEM GEMEINDERAT

ÄNDERUNG BEI DER CSV-FRAKTION

Marie-Paule Schroeder ersetzt Guy Weirich, der nach über 11 Jahren sein Mandat im Gemeinderat niedergelegt hat. Wir dokumentieren auf den nächsten Seiten diesen Wechsel.

DU CONSEIL COMMUNAL

CHANGEMENT AU SEIN DU GROUPE CSV

Marie-Paule Schroeder remplace Guy Weirich, qui a renoncé à son mandat au sein du conseil communal après plus de 11 ans d'exercice. Nous présentons ce changement dans les pages suivantes.

FROM THE MUNICIPAL COUNCIL

CHANGE IN THE CSV GROUP

Marie-Paule Schroeder replaces Guy Weirich, who stepped down from his seat on the municipal council after more than 11 years of service. We document this change on the following pages.



CSV BARTRENG GËFF MEMBER, MAACH MAT!

Dir hutt nach Froen,
wëllt eis eppes matdeelen oder hutt
Loscht, aktiv bei eis matzeschaffen?

Da mellt Iech gäre bei eis!



REJOINS-NOUS!
ENGAGE-TOI!

GUY WEIRICH **ANNONCE SON DÉPART** **DU CONSEIL COMMUNAL**

Dëst war mäi leschte Gemengerot. Ech wäert meng Demissioun mat Effet vum 24. Juli areechen. No 11 ½ Joer hei am Conseil, an der Halschent vun der Mandatsperiod a mat 77 Joer ass dat fir mech elo ee verrietbare Moment opzehalen.

Et hat 2011 vill Iwwerzeechungsarbecht gebraucht, bis ech bereet war, hei zu Bartreng an d'Politik anzeklammen. Elo muss ech awer soen: Ech wéilt dës Joren, grad wéi aner Etappen a mengem Liewen, net mëssen – dat Positiivt iwwerweit bei wäitem. Et war den Engagement wäert.

Ech wënschen menger Fraktioun, datt si, duerch een neie Mandatsträger oder -trägerin, en neien Elan kritt a weiderhin mat esou vill Härzblutt hir Aarbecht am Interesse vun eiser Uertschaft wouerhëlt.

Dem ganze Schäffen- a Gemengerot wënschen ech, datt och an Zukunft déi richteg Decisiounen fir Bartreng zum Wuel vun alle Biergerinnen a Bierger getraff ginn. Mat planereschem Wäitbléck – besonnesch wat déi zwee ganz grouss Projeten ugeet: de Quartier a Schwalls an de Projet am Helfenter Dräieck. Ob ech déi nei Gestalt vum Triangle de Helfent nach erliewe wäert, läit net a menger Hand, ech hoffen awer, datt do och eng grouss gréng Erhuelungszon matageplangt gëtt, wou zukünfteg Generatiounen sech gär dran ophalen a Kraaft schaffe kënnen.

An dësem Moment wëll ech eigentlech ganz einfach Merci soen,

- all deenen, déi mir ëmmer erëm hiert Vertraue geschenkt hunn,
- Iech hei am Gemengerot, datt et äis all déi Zäit gelongen ass, am Interessi vu Bartreng wäitgehend un engem Strank ze zéien,
- mä och dem gesamte Personal vun der Gemeng. Ech konnt do ganz vill Engagement fir eis Uertschaft erliewen, och dat wollt ech hei wäertschätzend zum Ausdrock bréngen.

Eng schéi Summerzäit Iech all a maacht et gutt!



Eis Conseillere Carlo Lux,
Marie-France Bemtgen-Jost
a Guy Weirich no de Wale vum 2017



Vereedegung vum Guy Weirich
duerch d'Buergerméeschtesch
Monique Smit-Thijs 2023



Eis Conseillere Guy Weirich.
Nadine Schares a Marc Rauchs 2023



Marc Rauchs, Liliana De Feudis, Nadine Schares,
Guy Weirich, Marie-Paule Schroeder



De Guy Weirich an der CSV-Equipe fir d'Walen 2011. Hie réckelt de 5. 2. 2015 no an de Gemengerot.

À la fin de la séance du conseil communal du 10 juillet 2026, Guy Weirich a annoncé sa démission en déclarant :

« Cette séance du conseil communal était ma dernière. Je présenterai ma démission avec effet au 24 juillet 2026. Après onze ans et demi passés au sein du conseil communal, à mi-mandat de la législature en cours et à l'âge de 77 ans, le moment est venu pour moi de mettre un terme à cet engagement.

En 2011, il avait fallu beaucoup de persuasion pour me convaincre de m'engager en politique ici, à Bertrange. Aujourd'hui, je peux toutefois dire que je ne voudrais renoncer à ces années, pas plus qu'à d'autres étapes de ma vie. Les aspects positifs l'emportent largement. Cet engagement en valait la peine.

Je souhaite à mon groupe politique qu'un nouveau conseiller ou une nouvelle conseillère lui apporte un nouvel élan et qu'il poursuive son travail avec autant de conviction et de passion au service de notre commune.

Je souhaite à l'ensemble du collège des bourgmestre et échevins ainsi qu'au conseil communal de continuer à prendre les bonnes décisions pour Bertrange, dans l'intérêt de toutes les citoyennes et de tous les citoyens. Avec une véritable vision d'avenir, notamment en ce qui concerne les deux grands projets d'aménagement : A Schwalls et le Triangle de Helfent. Il ne dépend pas de moi de savoir si je verrai encore la réalisation du nouveau Triangle de Helfent. J'espère toutefois qu'une vaste zone verte de détente y sera également aménagée, afin que les générations

futures puissent s'y retrouver avec plaisir et y puiser de nouvelles forces.

En ce moment, je voudrais tout simplement dire merci :

- à toutes celles et tous ceux qui m'ont accordé leur confiance à maintes reprises ;
- à vous, membres du conseil communal, parce que, durant toutes ces années, nous avons su faire passer l'intérêt de Bertrange avant nos divergences ;
- ainsi qu'à l'ensemble du personnel communal. J'y ai rencontré un engagement remarquable au service de notre commune, et je tiens également à leur exprimer aujourd'hui toute ma reconnaissance.

Je vous souhaite à toutes et à tous un très bel été. Prenez bien soin de vous ! »



DE MERCI VUN DER FRAKTIOUN

Guy,

Du waars ni een, deen einfach nëmme matgeschwat huet. Wann s du d'Wuert geholl hues, da wousst jiddereen: Elo kënnst eppes, wat gutt preparéiert, duerchduecht a mat Iwwerzeegung virgedroe gött.

Däin Häerz huet ëmmer fir d'Kultur geschloen, mee och fir dat Soziaalt. Du hues eis ëmmer erëm gewisen, datt eng Gemeng vill méi ass wéi Budgeten, Reglementer oder Chantieren. Eng Gemeng leeft virun allem duerch d'Mënschen, déi do wunnen – an ëm genee déi Mënschen ass et dir ëmmer gaangen.

Fir d'Biergerinnen an d'Bierger has de ëmmer en oppent Ouer. Du hues nogelauschtert, der Zäit geholl an d'Problemer eescht geholl.

Déng Bäitrag hues de gären mol mat engem Zitat aus der däitscher Literatur beräichert. Dat wäerten mir all e bëssen vermessen. Et huet gewisen, datt Politik net nëmmen aus Fakten a Paragrafe besteet, mee och aus Kultur, Bildung an e bëssen Nodenken.

Et gött e schéint Wuert vum Goethe: „Es muss von Herzen kommen, was auf Herzen wirken soll.“

Ech mengen, dat passt ganz gutt op dech. Däin Asaz war ëmmer éierlech, authentesch an aus Iwwerzeegung. Du hues dech agesat, well dir eis Gemeng an hir Awunner um Häerz louchen.

Am Numm vun eiser Fraktioun soe mir dir e grouse Merci. Merci fir däin Asaz, fir deng Verlässlechkeet, fir déi vill gutt Iddien an och fir déi flott Zesummenaarbecht iwwer all déi Joren.

Mir wënschen dir elo virun allem Gesondheet, vill Zäit fir alles, wat s du gären méchs, fir deng Famill déi lo bëssen méi grouss ginn ass.



D'CSV Bartreng éiert, 2023, hir dräi Conseillere: Guy Weirich, Nadine Schares a Marc Rauchs



Marc Rauchs, Nadine Schares a Guy Weirich 2025 zu Bréissel virum Europaparlament

Guy,

Tu n'as jamais été de ceux qui prenaient la parole simplement pour parler. Lorsque tu intervenais, chacun savait qu'il allait entendre une réflexion soigneusement préparée, mûrement réfléchie et défendue avec conviction.

Ton cœur a toujours battu pour la culture, mais aussi pour la solidarité et la cohésion sociale. Tu nous as rappelé à maintes reprises qu'une commune est bien plus qu'un budget, des règlements ou des chantiers. Une commune vit avant tout grâce aux personnes qui y habitent – et ce sont précisément ces habitants qui ont toujours été au centre de ton engagement.

Tu as toujours été à l'écoute des citoyennes et des citoyens. Tu savais prendre le temps de les écouter et tu prenais leurs préoccupations au sérieux.

Tu aimais enrichir tes interventions d'une citation de la littérature allemande. Cela nous manquera. Tu nous as montré que la politique ne se résume pas aux faits et aux articles de loi, mais qu'elle est aussi faite de culture, d'éducation et d'une certaine profondeur de réflexion.

Goethe a écrit cette belle phrase : « Ce qui doit toucher les cœurs doit venir du cœur. »

Je trouve que cette citation te correspond parfaitement. Ton engagement a toujours été sincère, authentique et porté par une conviction profonde. Tu t'es investi parce que notre commune et ses habitantes et habitants te tenaient véritablement à cœur.

Au nom de notre groupe politique, nous souhaitons te dire un immense merci. Merci pour ton engagement, pour ta fiabilité, pour les nombreuses idées que tu as apportées et pour l'excellente collaboration que nous avons partagée durant toutes ces années.

Nous te souhaitons avant tout une excellente santé, beaucoup de temps pour tout ce qui te passionne et de nombreux moments heureux avec ta famille, qui s'est récemment agrandie.



GEMENGEROT, 23. SEPTEMBER 2026

D'Marie-Paule Schroeder stellt sech vir.

Ech sinn d'Marie-Paule Schroeder, hu 60 Joer a si säit ronn 5 Méint an der Pensioun.

Ech sinn als eelst vu 4 Geschwëster zu Bartreng opgewuess, wou meng Elteren e Bauerebetrib haten an Oppert – an der Rue des Champs.

Ech sinn och hei zu Bartreng an d'Spillschoul an an d'Primärschoul gaangen an duerno an de Lycée Michel Rodange, wou ech meng Schoulzäit op enger Première D ofgeschloss hunn.

Mäi Wee huet mech doropshin direkt an d'Beruffswelt geféiert an ech hunn ugefaangen op der Banque Générale ze schaffen. Well ech ëmmer gäre Kontakt mat Leit hat, konnt ech mir keng administrativ Aarbecht virstellen an hu mech bei mengem Patron dann och ëmmer op Plaze gemellt a Fonctiounen iwwerholl, wou ech direkte Kontakt mam Client hat. Ech war méi wéi 20 Joer op der Agence zu Mamer, déi 10 lescht Joren als Gérante-Adjointe.

Duerno huet dee beruffleche Wee mech op Jonglënster geféiert, wou ech während 6 Joer d'Agence mat enger Equipe vu 6 Leit geféiert hunn.

Mat der Zäit huet et sech erginn, datt ech ëmmer méi mat professionnelle Clientë geschafft hunn: Geschäftsleit, Handwierker, kleng a mëttelstänneg Betriber aus alle Sparten. 2015 hunn ech dunno d'Responsabilitéit vum Centre d'Affaires Entreprises - Westen iwwerholl, dee säi Sëtz zu Stroossen hat, ier ech 2021 op de Kierchbierg gaange sinn, fir do de Centre d'Affaires Entreprises Lëtzebuerg ze iwwerhuelen. Säit Abrëll vun dësem Joer hunn ech elo meng Pensioun.

Zousätzlech zu menge berufflechen Aktivitéiten hunn ech e gudden Ausgleich fonnt a menge verschiddenen Hobbyen:

Ech schaffe leidenschaftlech gären am Gaart, zillen Uebst a Geméis a ka mech un der schéiner Natur erfreeën, esouwuel am Gaart wéi och beim Spadséieren a Wandern iwwer d'Gewan oder an der Vakanz.

En aneren Hobby vu mir ass d'Sangen am Chouer: Ech si säit méi wéi 40 Joer Member an der Bartrenger Chorale Ste Cécile an do och säit 2004 Presidentin vum Veräin. Och hei ass et, nieft dem gemeinsame Sengen a Prouwen, de Kontakt mat den zum Deel ganz verschiddene Leit mat verschiddenen Originen an Nationalitéiten, dee mir Freed mécht a mech beräichert.

Dann sinn ech och aktiv bei de Bartrenger Oeuvres paroissiales, wou ech säit 2013 d'Presidence iwwerholl hunn a wou mir tëschent 2021 an 2024 e Projet vu sozialem Wunnengsbau realiséiert hunn, an haut kënnen 34 Wunnengen geréiere fir Leit an Associatiounen, déi um regulären Immobiliemaart keng Wunneng fannen.

Säit menger Jugend war ech och schonn ëmmer u Politik, virun allem Lokalpolitik, interesséiert: Ech konnt säit menger Kannerzäit erliewen, wéi eis Uertschaft sech mat der Zäit verännert huet, wéi Projeten a Wunnquartieren entstane sinn, wéi grouss a kleng Projeen realiséiert goufen, wéi d'Uertschaft gewuess ass a wéi Bartreng sech vum Duerf zu enger moderner Gemeng entwéckelt huet.

Den Interessi fir eis Gemeng an hir Awunner an och d'Loscht, fir emol matzeschwätzen, huet mech dunn och 2005 dozou beweegt, fir eng éischte Kéier op der Lëscht vun der CSV mat an d'Gemengewalen ze goen.

Ech hu mech awer och a verschiddenen Kommissiounen engagéiert: Ech si säit Joren Member an der Finanzkommissioun, säit 2023 Member an der Kulturkommissioun an war virun och nach Member an der Ausländerkommissioun, déi haiteg Commission communale du vivre-ensemble interculturel.

Als neie Member hei am Gemengerot wëll ech mech zesumme mat menge Kolleegen aus der CSV-Fraktioun, mee awer och zesumme mat Iech alleguer fir d'Entwécklung vun eiser Gemeng an d'Wuel vun allen Awunner asetzen.

Mir ass et wichteg, datt mir bei all eise Projeten an Decisiounen de Mënsch an de Mëttelpunkt stellen, datt jidderee sech hei ka wuelfillen.

Mir läit dat gutt Zesummeliewe vun alle Bierger um Häerz. Mir brauchen dofir net nëmme gutt Infrastrukturen, mee och gutt funktionéierend Veräiner. Sou sinn et dach d'Sports- an d'Kulturveräiner, wou e groussen Deel vum Zesummeliewe praktizéiert gëtt a wou och e groussen Deel Integratioun stattfënnt.

Ech weess aus eegener Erfahrung, wéi vill Engagement an Aarbecht néideg sinn, fir datt e Club ka funktionéieren; dofir leie mir eis Veräiner besonnesch um Häerz a verdéngen eis beschtméiglech Ënnerstëtzung.

E weidere Punkt, dee mir wichteg ass, ass den abordabele Wunnengsbau; mir wëssen, datt Bartreng eng vun deene Gemengen ass, wou d'Wunnen am deiersten ass. Ech fannen et duerfir wichteg, datt mir als Gemengevertrieder och dofir suergen, datt genuch bezuelbare Wunnraum zu Bartreng zur Verfügung steet; eis jonk Leit solle kënnen zu Bartreng wunne bleiwen an och sozial méi schwach Stéit mussen kënnen zu Bartreng en Daach iwwer dem Kapp fannen.

E weidere wichtige Punkt ass fir mech de Respekt vun eiser Natur an Ëmwelt.

De Gedanke vum Nohaltegekeetsprinzip soll an all eisen Entscheedungen matwierken; mir hunn nëmme eng Welt an eng Natur, an déi gëllt et ze erhalen, ze schützen an den nächste Generatiounen an engem gudden Zoustand ze iwwerloossen.

Säit klengem hunn ech bei mengen Elteren um Haff gesinn an erlieft, wat et heescht, fir am Aklank mat Déier an Natur ze schaffen an datt mir all nëmme kënnen dovun profitéieren, wann et der Natur gutt geet. Dës Erfahrung an d'Freed, déi ech beim Schaffen an der Natur selwer hunn, maachen, datt ech mech och hei bei den Diskussiounen am Gemengerot wëll fir Natur- a Klimaschutz asetzen.

Ech géif dann zum Schluss nach gäre mengem Virgänger, dem Guy Weirich, Merci soen.

De Guy huet jorelaang eng gutt Aarbecht fir d'CSV hei am Gemengerot gemaach, hie war ëmmer top preparéiert, hat vill Iddien a konkret Propositionen bäizedroen.

Seng Interventiounen ware strukturéiert an op de Punkt, ënnerluecht mat Beispiller aus der Praxis. Ech muss soen, do läit d'Lat elo héich an ech versiche mäi Bescht ze maachen, wann ech elo hei seng Nofolleg untrieden.

Ech versécheren Iech, datt ech motivéiert sinn, fir zum Wuel vun eiser Gemeng an all hiren Awunner ze schaffen a mech dofir anzesetzen, datt Bartreng eng schéin a flott Uertschaft ass, wou et sech gutt liewe léisst.

Ech wënsche mir an eis eng gutt Zesummenaarbecht, flott a konstruktiv Debatten an e kollegialen Ëmgang mateneen, och wa mir net déi selwecht Meenunge verrieden.



MARIE-PAULE SCHROEDER SE PRÉSENTE

Merci à Monsieur le Bourgmestre de me donner la parole. Je vais me présenter.

Je m'appelle Marie-Paule Schroeder, j'ai 60 ans et je suis à la retraite depuis environ cinq mois. Je suis l'aînée d'une fratrie de quatre enfants et j'ai grandi à Bertrange, où mes parents exploitaient une ferme à Oppert, dans la rue des Champs.

J'ai également fréquenté ici à Bertrange l'école préscolaire et l'école primaire, avant de poursuivre mes études au Lycée Michel Rodange, où j'ai terminé ma scolarité par une Première D.

Mon parcours m'a ensuite conduit directement dans la vie professionnelle et j'ai commencé à travailler à la Banque Générale. Comme j'ai toujours aimé le contact avec les gens, je ne me voyais pas exercer un travail purement administratif. J'ai donc toujours postulé, au sein de mon entreprise, à des postes et assumé des fonctions me permettant d'avoir un contact direct avec la clientèle. J'ai travaillé pendant plus de vingt ans à l'agence de Mamer, dont les dix dernières années en tant que gérante adjointe.

Par la suite, mon parcours professionnel m'a menée à Junglinster, où j'ai dirigé pendant six ans une agence composée d'une équipe de six personnes.

Au fil du temps, j'ai été amenée à travailler de plus en plus avec une clientèle professionnelle : commerçants, artisans, petites et moyennes entreprises de tous les secteurs. En 2015, j'ai repris la responsabilité du Centre d'Affaires Entreprises – Ouest, dont le siège se trouvait à Strassen, avant de rejoindre le Kirchberg en 2021 afin d'y prendre la direction du Centre d'Affaires Entreprises Luxembourg. Depuis le mois d'avril de cette année, je suis désormais à la retraite.

En plus de mes activités professionnelles, j'ai trouvé un bon équilibre grâce à mes différents loisirs.

J'aime passionnément jardiner, cultiver des fruits et des légumes, et profiter de la beauté de la nature, aussi bien dans mon jardin que lors de promenades ou de randonnées à travers les champs ou pendant les vacances.

Un autre de mes loisirs est le chant choral. Je suis membre de la Chorale Sainte-Cécile de Bertrange depuis plus de quarante ans et j'en assure également la présidence depuis 2004. Au-delà du plaisir de chanter et de répéter ensem-

ble, ce sont aussi les contacts avec des personnes parfois très différentes, issues d'horizons et de nationalités variés, qui me procurent de la joie et m'enrichissent.

Je suis également active au sein des OEuvres paroissiales de Bertrange, dont j'assume la présidence depuis 2013. Entre 2021 et 2024, nous y avons réalisé un projet de logements sociaux et nous gérons aujourd'hui 34 logements destinés à des personnes et à des associations qui ne trouvent pas de logement sur le marché immobilier classique.

Depuis ma jeunesse, je me suis toujours intéressée à la politique, et plus particulièrement à la politique locale. Depuis mon enfance, j'ai pu observer l'évolution de notre localité, la création de projets et de nouveaux quartiers résidentiels, la réalisation de grands et de petits projets, la croissance de notre village et la transformation de Bertrange en une commune moderne.

Cet intérêt pour notre commune et ses habitants ainsi que l'envie de participer activement à la vie publique m'ont conduit en 2005 à me présenter pour la première fois sur la liste du CSV lors des élections communales.

Je me suis également engagée dans différentes commissions. Je suis membre de la commission des finances depuis de nombreuses années, membre de la commission culturelle depuis 2023 et j'ai auparavant siégé à la commission des étrangers, aujourd'hui appelée Commission communale du vivre-ensemble interculturel.

En tant que nouveau membre du conseil communal, je souhaite m'engager, avec mes collègues de la fraction CSV mais également avec vous tous, pour le développement de notre commune et le bien-être de l'ensemble de ses habitants.

Il est important pour moi que, dans tous nos projets et toutes nos décisions, nous placions l'être humain au centre de nos préoccupations et que chacun puisse se sentir bien ici.

Le bien-vivre ensemble de tous les citoyens me tient particulièrement à cœur. Pour cela, nous avons besoin non seulement de bonnes infrastructures, mais aussi d'associations dynamiques et bien organisées. Ce sont en effet les associations sportives et culturelles qui constituent un lieu essentiel du vivre-ensemble et où se réalise une grande partie de l'intégration.

Je sais par expérience personnelle combien d'engagement et de travail sont nécessaires pour faire fonctionner une association. C'est pourquoi nos associations me tiennent particulièrement à cœur et méritent tout notre soutien.

Un autre sujet qui me paraît essentiel est celui du logement abordable. Nous savons que Bertrange est l'une des communes où le coût du logement est parmi les plus élevés. Il est donc important que nous veillions, en tant que représentants communaux, à mettre à disposition suffisamment de logements accessibles. Nos jeunes doivent pouvoir continuer à vivre à Bertrange, et les ménages socialement plus vulnérables doivent eux aussi pouvoir y trouver un toit.

Un autre point important à mes yeux est le respect de notre nature et de notre environnement. Le principe de durabilité doit guider l'ensemble de nos décisions. Nous n'avons qu'un seul monde et une seule nature ; il nous appartient de les préserver, de les protéger et de les transmettre aux générations futures dans un bon état.

Depuis mon plus jeune âge, j'ai vu et vécu, dans la ferme de mes parents, ce que signifie travailler en harmonie avec les animaux et la nature, et combien nous bénéficions tous d'un environnement naturel en bonne santé. Cette expérience, ainsi que le plaisir que je trouve moi-même dans le travail au contact de la nature, m'incitent à m'engager également, au sein du conseil communal, en faveur de la protection de la nature et du climat.

Pour terminer, j'aimerais adresser mes remerciements à mon prédécesseur, Guy Weirich. Pendant de nombreuses années, Guy a accompli un excellent travail pour le CSV au sein du conseil communal. Il était toujours parfaitement préparé, apportait de nombreuses idées et formulait des propositions concrètes.

Ses interventions étaient structurées, précises et étayées par des exemples tirés de la pratique. Je dois dire que la barre est désormais placée très haut et je ferai de mon mieux en prenant aujourd'hui sa relève.

Je vous assure de ma motivation à travailler pour le bien de notre commune et de tous ses habitants, et à contribuer à faire de Bertrange une localité agréable et attrayante où il fait bon vivre.

Je nous souhaite une bonne collaboration, des débats enrichissants et constructifs ainsi qu'un esprit collégial dans nos échanges, même lorsque nous défendons des opinions différentes.

QUETSCHKRAUTVERKAF

SAMSDES, 17. OKTOBER 2026

**VUN 9:00 BIS 11:00 AUER
VIRUN DER SCHAUWENBURG**



BARTRENG